



## Concours „E Badge fir eis BA“

Säit elo bal 3 Woche sinn eis Guiden a Scouten aktiv ënnerwee an hëllefden de besonnesch betraffenen a vulnerabele Leit. Domat leeschten se e grousst Engagement fir eis Gesellschaft.

Fir all de Guiden a Scouten Merci ze soen, lancéiere mir dofir de Concours „E Badge fir eis BA“. Dëse Badge ass fir all déi Guiden a Scouten déi aktiv un dëser BA deelgeholl hunn.

- **Wéi leeft dëse Concours of?**

Jiddereen, ob un der BA bedeelegt oder net, ka matmaachen a seng Propose fir de BA-Badge bis spéitstens de **17. Abrëll** um Site vun den LGS eroplueden (<https://lgs.lu/scoutendoheim>).

Aus alle Badger wile mir der 5 eraus. Mir kucken dobäi och op d’Kritären erfëllt sinn an d’Zeechnunge realisabel sinn. Aus deene 5 Badger gëtt mat enger Online Ofstëmmung de „Badge fir eis BA“ erausgesicht. D’Ofstëmmung leeft vum **20. bis de 27. Abrëll**.

De Verband schenkt de Guiden a Scouten déi aktiv un dëser BA deelgeholl hunn dëse Badge.

- **Wat muss drop?**

Et ass wichteg datt een erkennt datt et e Badge fir eis BA am Kader vum Coronavirus ass.

D’Joer „2020“ muss um Badge drop sinn.

Fir de Rescht ass denger Kreativitéit fräie Laf gelooss.

- **Wat sinn d’Kritären?**

De Badge kann an 2 verschiddene Forme sinn:

- Kreesförmeg: Duerchmiesser vu maximal 6 cm
- Rechteckeg: maximal 7 cm x 5 cm

Et kënnen maximal 4 Faarwe fir de Badge benotzt ginn.

Passt op datt d’Detailer net ze kleng si well een déi herno soss net méi gutt erkennt.

Mir freeën eis op är Badger. Passt op iech op a bleift gesond.

Mat de beschte Guiden- a Scoutsgréisss  
D’PR-Ekipp

